

# déi Lénk

Pressecommuniqué

Lëtzebuerg, de 6. August 2021

Nei Etüd confirméiert d'Ursaache vun der Logementskris

## **Wéini gëtt endlech gehandelt?!**

*WëssenschaftlerInne vum Liser an der Uni Lëtzebuerg weisen an enger neier Etüd, dass de grouse Grundbesëtz vun enger Handvoll Privatpersounen an d'Muecht vu grouse Promoteuren d'Logementskris zu Lëtzebuerg verschäerft. Staat a Gemenge wiere sech deem bewosst, ouni awer op d'Situatioun ze reagéieren. D'Léisunge gi vun de WëssenschaftlerInne awer kloer benannt an decken sech mat dem wat déi Lénk scho Jore soen.*

D'Auteure vun der Etüd gesinn e.a. zwee Hiewele fir der Kris entgéint ze wierken: éischtens missten d'Gemenge mat der Hëllef vu staatlechen Instanzen eng däitlech méi grouse Roll spille beim Plange vu Bauprojet'en. Dofir missten se u méi Bauterrain komme fir selwer ze bauen an d'Méiglechkeet kréien, d'Wäertsteigerung op private Bauterrain'en ofzeschöpfen. Zweetens misst eng Spekulationssteuer agefouert ginn, déi ongenotzte Bauterrain a a privatem Besëtz effektiv besteiert.

D'Etüd mécht däitlech, dass et bei béide Stellschrauwe schonn Instrumenter ginn, mee dass déi awer net genotzt ginn. VerriederInne vu Gemengen a Ministère, déi am Kader vun der Etüd befragt goufen, maachen däitlech, dass de Constat iwwer d'Grënn vun der Logementskris breet gedeelt gëtt, mee dass de politesche Wëlle feelt fir déi richteg Moossnamen anzepaken.

déi Lénk widderhuele säit ville Jore schonn déi selwecht Fuerderungen. Dat net wëll eis soss näischt afällt, mee wëll mir vun eise Virschléi iwwerzeegt sinn an et héich Zäit gëtt endlech aktiv ze gi fir eng nach méi schlëmm sozial Katastroph nach ze verhënneren.

Mir wëllen dass d'Entwécklung vu Wunnungsbauprojet'en net maassgeblech Privaten iwwerlooss dierf sinn. Staat a Gemenge musse selwer Quartier'en erschléissen an abordabel Wunnenge bauen. Mee si mussen och méi op privat Bauprojet'en awierken. De Pacte Logement 2.0 vun der Regierung ass do just e faule Kompromëss zu Gonschte vun de grouse Promoteuren a keen entscheidende Bäitrag fir méi abordabel Wunnengen op de Marché ze kréien.

Virun allem awer mussen endlech steierlech Mesuren en place gesat ginn, déi d'Spekulatioun op Bauterrain oninteressant maachen an d'Muecht vun de wéinege GroussgrundbesëtzerInnen op d'Logementspolitik briechen. Ënnert anerem muss d'Grundsteuer an Zukunft progressiv an d'Luucht goen, sou datt se méi héisch gëtt, wat ee méi Terrainen besëtzt. GroussgrundbesëtzerInne musse vill méi héich op hirem Terrainen besëtzt besteiert ginn fir op deem Wee ongenotzt Bauterrainen ze mobiliséieren.

#brauchengWunneng

<https://dei-lenk.lu/>